

Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart (par M. Jean-Pierre Klein) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero (par M. Jacques-Yves Henckes), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia (par Mme Renée Wagener), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen zum nächste Punkt vum eisem Ordre du jour, d'Presentatioun vum der Proposition de loi 4734. D'Wuert huet den Auteur, den Här Alex Bodry.

4. Proposition de loi 4734 de M. Alex Bodry portant institution d'un congé associatif

Présentation

M. Alex Bodry (LSAP), auteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir haten d'lescht Woch d'Geleeënheet bei enger Interpellatioun, méi allgemeng op de Froekomplex ronderëm d'éierenamtlech Tätigkeet anzegoen. Bei dëser Proposition de loi dréint et sech drëm, fir een Deel vun deenen Iddien, déi diskutéiert gi si ronderëm de Bénévolat, e konkret Stéck virun ze bréngen.

Déi Proposition de loi iwwert de Congé associatif huet als Zweck, fir d'Émfeld, an deem sech déi éierenamtlech onentgeltlech Aktivitéit entfaalt, méi favorabel ze gestalten, fir esou ze garantéieren, dass de Bénévolat sech weider an Zukunft kann entwéckelen. Et geet net drëm, fir ze reglementéieren. Et geet net drëm, fir aus Bénévolat hallef Professioneller ze maachen.

Mir wëssen awer alleguer, dass de pure Bénévolat och muss gestützt ginn duerch Formatioun, duerch Perfectionnement an deenen eenzelne Beräicher, besonnesch wat den Encadrement ugeet. De Congé associatif soll dat besser méiglech maachen, wéi dat haut de Fall ass.

Wann d'Proposition de loi och heescht „institution d'un congé associatif“, esou geet et awer, wann Dir den Text liest - a leider hu vill Kommentatoren den

Text net gelies, oder wann, dann hu se en net verstanen, wat méi grav wär -, net drëm, fir en zousätzleche Congé anzefeieren, mä et geet drëm, fir de Congé éducation, wéi mer en zënter 1973 kennen, ëmzestalten a weider Elementer vun engem Congé associatif eran ze bréngen.

Mir ginn also hin an änneren d'Gesetz vum 1973 iwwert de Congé éducation ëm. Firwat? Éischstens emol, well d'Gesetz iwwert de Congé éducation, esou wéi et verfaasst ass, eigentlech diskriminatoresch ass géint iwwer verschiddenen éierenamtlechen Tätigkeeten, well ënnert d'Gesetz vum Congé éducation ausschliesselech Beräicher vun der Jugendarbecht, vum Sport a vun der Kultur falen.

Aner Éierenaktivitéiten, déi deeselwechte gesellschaftleche Stellwäert hunn, wéi den Engagement an Natur- an Ëmweltschutzorganisatiounen, wéi den Engagement a sozialen, an humanitäre Vereenungen, kënnen no der aktueller Rechtslag net vum Congé éducation profitéieren. Dat ass net richtig. Dat sollte mer änneren.

All éierenamtlech Tätigkeet, wa se wierklech dem kollektiven Intérêt dingt an onentgeltlech ass, soll kënne vun deeneselwechte Stützungsmaassname profitéieren. Dat ass déi éischt Zilrichtung, déi mer mat där Proposition de loi hei verfollegen, déi opbaut op engem Avant-projet de loi, deen ech als Jugendminister am Dezember 1998 an der viregter Regierung agereecht hat, an dee vun dëser Regierung net méi weider verfollegt gëtt. Dofir hunn ech dës Initiativ geholl, fir emol eng Ongerechtegkeet ewech ze kréien an d'Éierenamt an all senge Facetten op deeselwechten Niveau ze stellen, fir dass et déiselwecht Stützungsmeiglechkeete ka kréien.

Déi zweet Neierung, déi dran ass, ass, dass mer dohinner ginn an d'Iddi vun engem Congé représentation mat an de Congé éducation integréieren, Congé représentation, deen et och an anere Länner gëtt, wéi zum Beispill a Frankräich. Ëm wat dréint et sech do? Et dréint sech drëm, dass déi Leit, déi an offizielle Gremie sëtzen, zum Beispill Conseils supérieurs vum Stat oder aneren offiziellen Institutiounen, déi do genannt gi vun der Regierung oder vun aneren Autoritéiten, an hirer Funktioun als Bénévole, als Member vun engem Verband oder enger Vereenegung, net op hiren eegene Congé mussen zréckgräifen, fir ëmmer erëm an déi Sitzungen ze goen, déi des Öftere jo och während den normalen Aarbechtssäite stattfannen. Och dat schéngt mer bal eng Selbstverständlechkeet ze sinn. Ech huelen elo ee Beispill nëmmen, fir dat ze ennermauern.

D'Mme Minister huet d'lescht Woch bei den Debatten zum Bénévolat gesot, si hätt wëlles, um Ofschloss vun dësem Joer en neie Conseil supérieur ze grënnen

iwwert de Bénévolat. Meng Fro: Gëtt vun deene Bénévolé verlaangt, dass se während den Aarbechtszäiten op hire Congé an déi Sitzunge ginn? Esou wéi d'Gesetzeslag haut ass, musse se dat maachen oder et si Pensionéierter oder d'Leit kommen aus Sparten, déi sech kee Congé brauchen ze huelen. Et schéngt mer an deem do Sënn, op Grond vun deem einfache Beispill, nëmme richtig ze sinn, dass mer do eng liicht Extensioun vun deene bestehenden Texter maachen a Leit, déi an offizielle Gremië setzen, net forcéieren, op hiren eegene Congé hin an déi offiziell Gremien ze goen, wou natierlech soss lauter Professioneller setzen, déi dat während hirer normaler Aarbechtszäit kënnen maachen an dofir och nach voll bezuelt ginn.

Dat ass déi zweet Stoussrichtung, déi mer mat där heite Proposition de loi verfolge. Derniewent sinn et kleng Adaptatiounen, déi mir virhuelen, fir am Sënn vun enger Weiterbildung eng Ouverture ze maachen, an de Leit, déi ebe Responsabilitéit droen, oft och duerch d'Gesetz an A.s.b.l. en a Verbänn, a Vereenungen, d'Méiglechkeet ze ginn, op Seminären, op Formatiounsstagen ze goen, fir sech weiderzubilden, an net zu 100% dat op hire Congé mussen ze huelen. Si sollen och en eegene Beitrag bréngen, mä derniewent als Géigepart soll de Stat och hinnen entgéintkommen an hinnen deelweis d'Méiglechkeet schafen, mat der Kontroll natierlech iwwert d'Programmer, déi do oflafen, mat och der néideger Begrenzung, wat d'Zuel vun deene Congésdeeg ugeet. Do gëtt näischt geännert. Dofir verstinn ech och do déi Opreegung net. Och do bleiwe mer bei deenen Zuele vun Deeg, déi haut schon am Gesetz iwwert de Congé éducation stinn: 60 Deeg op Liewenszäit gekuckt a maximal an deem Kader 20 Deeg op ee Joer, soe mir; virdrun ass et ëmmer op zwee Joer gekuckt ginn. Et kann ee ganz laang Stagë beieneen hunn, zum Beispill dräi Wochen, an da wär et praktesch net méiglech, dass ee kéint an déi Formatiounen goen.

Dat sinn déi kleng technesch Adaptatiounen, déi mer proposéieren, wéi och d'Méiglechkeet - dat ass och eng Moossnam vum bon sens -, dass een net muss ëmmer Bléck vun zwee Deeg huelen, mä och kann, zum Beispill, fir op esou Sitzungen ze goen, hallef Deeg oder een Dag Congé associatif kréien.

Dat ass dat, wat an där Proposition de loi drasteet. Dat ass dat, wat anscheinend verschidde Leit stéiert, déi iwwerhaapt géint all Zorte vu Congé sinn. Dat ass jo de Problem, deen eenzel Leit hunn, déi souwisou fir mech éischter Fäll fir d'Psychiatrie gi wéi vun eppes anescht.

Dat ass dat, wat mir an eiser Proposition de loi virschloen. Et ass näischt Revolutionäres, mä et ass, mengen ech, en Akt vu Gerechtegkeet, vu Gläichsetzung vun allen éierenamtlechen Tätigkeiten...

(Interruptions)

...an eng gewëssen Ouverture an eenzelne Beräicher a Richtung Congé représentation, fir un offizielle Sitzungen kënnen deelzehuelen a fir d'Formatioun vun de Bénévolen och kënnen weider ze maachen. Ech mengen, dass dat näischt Populistesches ass; et ass eppes, wat a mengen Ae machbar ass, zumindest awer eng zolidd Diskussiounsgrondlag sollt duerstelle fir all déi praktesch Moossnamen, déi mer wëlle gemeinsam huelen, fir dem Bénévolat och an Zukunft hei zu Lëtzebuerg eng Chance ze ginn.

Ech hoffen, dass mer zumindest d'Diskussioun hei zu Lëtzebuerg mat deem doten Text weider beräichere kënnen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Camille Gira agedroen. Den Här Gira huet d'Wuert.

Discussion

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ganz kuerz.

Ech wëll zum Fong vun der Saach net nach eng Kéier dat widderhuelen, wat ech d'lescht Woch am Numm vun eiser Fraktioun hei gesot hunn. Ech hunn awer no där Debatt dem Här Bodry seng Proposition de loi gelies, an ech muss ganz éierlech soen, ech war awer dunn e bësschen enttäuscht,...

(Interruptions)

...well ech nämlech fannen, datt e genau dat, wat en déi leschte Kéier hei gesot huet, datt mer net sollte maachen - alles vermëschen, alles duerchenee maachen -, mat senger Proposition de loi fäerdeg bréngt. Ech fannen, dass dat hei keng Aféierung vun engem Congé associatif ass, mä e bësschen eng Erweiderung vum Congé éducation, wou awer eng Rei Mesuren eigentlech iwwerhaapt net an dat Gesetz vum Congé éducation era passen.

Ech fannen net, dass een de Problem vu Représentatioun an enger Rei Gremie soll iwwert dës Blais léisen. Ech géif dee vill besser geléist gesinn, wa mer iwwert de Congé politique vun enger Rei Leit an enger Rei Gremie géife schwätzen. Déi Gremie kéinten ebe grad konsultativ Kommissiounen vu Gemengen sinn, sou national Gremien. Ech weess net, ob wierklech fir méi Transparenz a Kohärenz gesuergt gëtt mat deem Gesetz hei.

Ech fannen et och komesch, well dat Gesetz hei sech jo awer prioritär un déi Jonk ënner 30 Joer ríicht, an da musse mer permanent Ausnahmen dra schreiwen,

wou d'Condition d'âge net stëmmt, fir Leit, déi dann awer an engem anere Gremium sinn. Ech hat mer, wéi ech d'Pressekonferenz héieren hat vun der sozialistescher Fraktioun, e bëssche en aneren Text erwaart wéi dësen.

Et ass sécherlech déi eng oder aner Saach, déi een hei ka begréissen; ech mengen awer, dass mir am grouse Ganzen eng aner Approche hätten, fir déi zwou Saachen ze trennen: op där enger Säit e ganz kloere Congé éducation fir déi Jonk an op där anerer Säit sief et e Congé associatif, sief et eng Diskussioun iwwer méi Congé politique fir eng Rei Leit. Mä wann ech richteg verstanen hunn, kréie mer jo nach d'Geleeënheet, am Kader vun enger Kommissiounssitzung dat do am Detail duerzeleeën.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Deen nächste Riedner ass den Här Nicolas Strotz.

M. Nicolas Strotz (CSV).- Här President, ech wëll och just soen, nodeem ech den Här Bodry a seng Erklärungen elo héieren hunn, datt eenzel Punkten, déi hien ugeschnidden huet, wuel berechtegt sinn, datt se awer vläicht zevill simplistesche duergestallt ginn an de Bénévolat e ganz komplexe Problem ass. Mir hunn dat och bei der Interpellatioun, déi mer déi lescht Woch hei haten, kënne feststellen.

Dofir géif ech proposéieren - wat mer och an der Interpellatioun zrëckbehalen hunn -, mir sollten emol à tête reposée mat där néideger Konsequenz un dee Problem erugeen, eng Analys vun der Situatioun maachen, eis dëst Joer, am Joer vum Bénévolat, dofir Zäit ginn an da gegebenenfalls mat anere Propositionen erëm kommen, well et ass jo net esou, datt een dee ganze Problem vum Bénévolat iwwert de Congé ka léisen.

Do gëtt et esou vill Facetten, déi ee sollt à tête reposée analyséieren, an d'Mme Minister huet jo gesot, datt eng Rei Kommissiounen agesat géife ginn, déi sech domat befaassen. Et sollt een déi elo emol schaffe loossen, an da sollte mer kucken, wéi mer de gesamte Problem vum Bénévolat enger Léisung kënne zouféieren.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Huet nach een deem eppes bäizefügen?

(Négation)

Da si mer um Enn vun dësem Punkt ukomm an hunn domat eise Programm vun haut de Moien erledegt.

Ech hiewen also elo d'Sitzung op an erënneren lech drun, dass déi nächst haut de Mëtteg um halwer 3 ass.

D'Sitzung ass opgehuewen.